



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 20/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

Duerch d'Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert de Verkauf vu medikamentéise Substanzen ass den Asaz vum medezinesche Cannabis no joerzéngtelaangen Diskussiounen endlech eng Realitéit ginn. Fir Mënsche mat chronesch Péng stellt d'Anhuele vu cannabishaltéige Produkter eng raisonnabel Alternative zu anere Medikamenter duer. Nom Gesetz däerf de Cannabis nëmme vun Doktere verschriwwen ginn, déi eng Formatioun am Ëmgang mam Cannabis gemaach hunn an de Krees vu méigleche Patienten ass bis elo op Persounen mat méi grave Krankheete limitéiert. De Koalitionsaccord mentionnéiert, dass zwee Joer no dem Aféiere vum medezinesche Cannabis eng Evaluatioun soll realiséiert ginn, wat nächst Joer de Fall wär.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bewäert de Gesondheitsministère d'Aféierung vum medezinesche Cannabis am lëtzebuergesche Gesondheetssystem bis ewell als Erfolleg? Wéi eng positiv Léieren zitt de Gesondheitsministère aktuell aus der Legaliséierung vum medezinesche Cannabis?
2. Wäert d'Regierung de Krees vu Krankheeten, déi mat medezineschem Cannabis kënnen traitéiert ginn, an de nächste Joren erweideren?
3. Ass de Gesondheitsministère der Meenung, dass d'Behandlung mat medezinesche Cannabis ausgebaut an egalitär, bzw. prioritär, zu de klassesche Schmerzmittel soll agesat ginn?
4. A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 447 schreift de Minister, dass 3 Produkte vun enger kanadescher Societéit zu Lëtzebuerg erhältlech sinn. Wéi eng Firma ass dat an ëm wéi eng 3 Produkter handelt et sech? Wäerten an noer Zukunft méi Produkter zu Lëtzebuerg ugebuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu